jugendtreff norden

## *Breaking News aus dem Jugendduerf*

**Eng kreativ Zesummenaarbecht kënnt ob en Enn**

De Jugendtreff Norden an d'Primärschoul Parc Housen hunn sech an de leschte Méint zesummegedoe fir e spannende Projet ze lancéieren, bei deem d'Kanner hir kreativ Oder ënner Beweis stelle konnten.

Zesumme mat de Klassen aus dem Cycle 4.2 ass e Konscht-Projet entstan, bei dem d'Kanner zesummen eng Mauer an hirem Schoulgebai mole konnte. No wochelaanger Aarbecht a vill Fläiss ass d'Mauer an der Schoul elo fäerdeg ginn an d'Resultat kann sech definitiv weise loossen.







**De Jugendtreff, dobaussen aktiv**

Am Kader vun der mobiller Jugendaarbecht ass de Jugendtreff erëm dobaussen aktiv! Vun Mee bis September sinn dofir Outdoor-Aktivitéite fir Grouss a Kleng geplangt. Ab Ufank Mee ginn all Mëttwoch sportlech a kreativ Aktivitéite fir Jonker ab 12 Joer ugebueden, an dat ofwiesselnd ob den ëffentleche Plazen an de verschiddenen Uertschafte vun der Gemeng, sief et zu Houschent bei der Spillplaz oder beim Fitnessparc am Parc Housen.

Jonker kënne fräi un den Aktivitéiten deelhuelen, esou wéi weider Informatiounen zum Jugendhaus kréien. Och d'Elteren an d'Awunner kënnen ob en Austausch laanscht kommen. Weider Informatiounen zu den Auerzäiten, déi genau Treffpunkter an de Programm wäerten ab Mee ob eisem Internet-Site www.elisabethjeunesse.lu an ob eise sozialen Netzwierker ze fanne sinn.

## De leschte Mount am Jugendduerf...

Saturday-Brunch



Ouschtereeër fierwen

Quiz-Nométteg



Graffiti-Workshop



Upcycling Projet

Seefekëschten bauen mat der Maison Relais Parc Housen

Du bass virwëtzeg ginn oder hues Loscht méi iwwert eis gewuer ze ginn? Dann informéier dech iwwert eisen Internetsite oder komm eis an d´Jugendduerf besiche :

**Op der Hei - 9809 Hosingen - Parc Hosingen***

***an geschwënn am ale Spuerkeessgebai !**

www.elisabethjeunesse.lu

